N° 7667
Entrée le 28.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an dem Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°7667 vun den honorabelen Deputéierte Léon Gloden a Max Hengel zum Sujet "Accessibilité des numéros d'urgence 112 et 113 depuis l'étranger"**

Souwuel am Festnetz wéi am mobille Réseau gëtt en Uruff op déi europäesch Noutruffnummer 112 a ganz Europa ëmmer op déi nootsten Noutruffzentral geleet, fir sécherzestellen, datt eng Persoun am Noutfall och déi lokal zoustänneg Rettungsdéngschter erreecht a sou séier wéi méiglech gehollef ka kréien. Et sief och drun erënnert, datt Lëtzebuerg eent vun de wéinege Länner mat just enger eenzeger Noutruffzentral ass. An anere Länner, wéi z.B. Däitschland, wou et dacks méi Noutruffzentrale ginn, wär et fir d'Bierger onméiglech ze wëssen, op wéi eng Nummer si uruffe missten.

Den Uruff op eng auslännesch Noutruffzentral iwwert d'Lännervirwal ass blockéiert, well et fir d'Bierger am Noutfall wichteg ass, den europäeschen Nummer 112 ze wielen, ouni sech onnéideg Gedanke mussen ze maachen. Dës Reegel gëllt säit der Aféierung vun der europäescher Nummer 112 an den 90er Joren.

D'Situatioun, déi vun den Deputéierte geschildert gëtt, ass éischter eng Ausnam. An alle Fäll ass et ëmmer besser, wann eng Persoun déi Hëllef brauch selwer, oder en Zeien dee bei där Persoun ass, op den 112 urifft, an net eng Persoun, déi net sur place ass an där eventuell wichteg Informatiounen zur geneeër Situatiounsbeschreiwung feelen. Am Éischt-Hëllef-Cours gëtt dat och sou vermëttelt.

Wann een emol am Lëtzebuerger Grenzgebitt mam Handy z.B. op der däitscher Noutruffzentral erauskënnt, gëtt den Noutruff, wéinst der intensiver Zesummenaarbecht vun de Leitstellen, direkt richteg weidergeleet, sou dass och direkt op all Noutruff adäquat reagéiert ka ginn.

D'Police-Noutruffnummer 113 ass eng national Noutruffnummer. déi net direkt aus dem Ausland iwwer Telefon z'erreechen ass. Si gëllt exklusiv fir Noutruffappeller um nationalen Territoire, fir ze garantéieren, dass d'Erreechbarkeet vum nationalen Noutruff assuréiert ass. D'Police envisagéiert aus sécherheetsrelevante Grënn net, d'Erreechbarkeet vun engem nationalen Noutruff aus dem Ausland zouzeloossen.

Et gëtt deemno aktuell keen Ulass, fir eppes um aktuelle Fonctionnement z'änneren.

Lëtzebuerg, de 27/03/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding